



# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

Association sans but lucratif, fondée en 1997 -

Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe

## En avant ... marche !

Bulletin no 40  
10/2019

## Une formation spéciale de la Garde Républicaine qui enthousiasmait le public

Le Choeur de l'armée française donnait un concert exceptionnel avec le concours de la Musique militaire grand-ducale

Pour son 175<sup>e</sup> anniversaire la Maîtrise Sainte-Cécile de la Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg avait réalisé un coup de maître par l'engagement du Choeur de l'armée française pour un concert donné le 22 septembre 2019 avec le concours de la Musique militaire grand-ducale au Conservatoire de musique de la ville de Luxembourg.

Ce chœur créé en 1982 par le ministre de la Défense Charles Hernu fit ses débuts le 14 juillet 1983 dans les jardins de l'Élysée en présence du Chef de l'État. Comme formation spéciale de la Garde Républicaine le Choeur de l'armée française représente l'un des fleurons de la culture dans les armées. En tant que chœur officiel de la République, il participe prioritairement aux grandes manifestations officielles, mais aussi à de nombreux concerts en France et à l'étranger. Son

*(Suite en page 2)*



(Fotoën: Eric Engel)





*(Suite de la page 1)*

répertoire s'étend des chants militaires et de la chanson traditionnelle aux grandes oeuvres classiques et lyriques pour voix d'hommes. Cet unique chœur d'hommes professionnel en France, considéré comme un trait d'union essentiel entre l'Armée et la Nation, remplit une triple vocation: commémorer, honorer et divertir.

Dans son allocution de bienvenue, Mme Erna Hennicot-Schoepges, présidente du comité

d'organisation, jeta un regard sur les festivités du 175e anniversaire de la Maîtrise de la Cathédrale. Elle tenait à remercier les organisateurs de cet événement culturel, en premier lieu Mme Sylvie Zuccoli du comité d'organisation et M. Marc Scheuer, président de la Maîtrise, les nombreux donateurs et sponsors, la Ville de Luxembourg et le ministère de la Culture pour leur soutien du concert exceptionnel qu'elle qualifiait de „signe de paix“. L'oratrice ne manquait pas de soulever

*Suite en page 3)*







*(Suite de la page 2)*

également le travail extraordinaire de M. Marc Dostert, chef de chœur de la Maîtrise.

Avant de passer la parole à la musique, Mme Hennicot-Schoepges précisait que l'Université du Luxembourg et le lieutenant-colonel André Reichling vont dorénavant, chacun à sa façon, sécuriser l'héritage musical de la Maîtrise.

### **Quel plaisir sonore!**

Le concert commençait avec la pièce „Au service de la nation" composée par le sergent-chef Georges Sadeler, saxophoniste de la Musique militaire grand-ducale. Ce fut un choix excellent, puisqu'il soulignait parfaitement ce qui unit la Maîtrise de la Cathédrale, organisatrice jubilaire, et les musiciens militaires sur scène: „Nous sommes tous au service de la nation!" précisait l'adjudant-major Monique Bernotte, trompettiste de la Musique militaire grand-ducale et présentatrice du concert.

La deuxième oeuvre nous emmena vers la capitale française avec „Un Américain à Paris" de George Gershwin, pièce célèbre qui restera toujours amusante à l'écoute. Félicitations aux différents solistes pour leurs interventions de haute qualité!

Quant à la „ Marche slave" de Piotr Ilitch Tchaïkovski, la partition parle pour elle-même. Mais encore faut-il parvenir à l'interpréter comme

les musiciens de la Musique militaire! Sons soutenus, précision, crescendo vers un bâtiment de sons gigantesque dans tous les registres ... Et au milieu du tout, un chef d'orchestre, le lieutenant-colonel Jean-Claude Braun, à sa façon stoïque bien connue, souveraine, mais jamais pathétique ... chapeau! Et ce n'était que la première partie du concert ...

### **Chair de poule**

La prestation des 24 chanteurs sélectionnés du Choeurs de l'armée française fut un vrai délice, du début jusqu'à la fin. Anciennement gendarmes, ces chanteurs sont aujourd'hui des vrais professionnels dont certains enseignent le chant et participent à des productions d'opéra. Le chœur était placé sous la direction de la commandante Émilie Fleury, qui assure également la direction du chœur d'enfants de la Maîtrise de Notre-Dame de Paris.

L'ensemble, qui se présentait pour une première fois au Luxembourg, ne s'interdit aucun répertoire. Alternant entre des chants militaires, des mélodies lyriques et des chants de variété, au plaisir des nombreux mélomanes du chant présents dans la salle, les chanteurs surprenaient avec une homogénéité parfaite, une diction précise (rarement entendue dans des chœurs), une sonorité frissonnante même dans la nuance piano, et des voix d'opéra dans des pièces du belcanto italien.

*(Suite en page 4)*





*(Suite de la page 3)*

À ces chanteurs, rien ne semblait difficile. Leur qualités vocales ne changeaient guère, que ce fut dans l'interprétation du „Chant de départ“, pièce bien connue d'Étienne-Nicolas Méhul, le „Battle Hymn of the Republic“ de William Steffe, ou alors dans le „Choeur des tsiganes“ à la touche un peu secrète de Victorin de Joncières. Reste à soulever le superbe solo de Philippe Brocard! Dans „El barberillo de Lavapiés“ de Francisco Asenjo Barbieri – une parodie sur le Barbier de Séville -, les chanteurs montraient une grande passion et leur enthousiasme transperçait la salle.

Leur prestation se terminait avec un Medley sur des chansons françaises („Sous le ciel de Paris“, „Sur les ponts de Paris“ et autres), dans lesquelles se firent entendre des voix solistes de ténor et de baryton très chaudes. Jusqu'ici, l'ensemble fut accompagné par les pianistes Catherine Stagnoli et Jean-Christian Le Coz. Le concert allait se terminer par le „Choeur des soldats“, extrait du „Faust“ de Charles Gounod et „Paris Tour-Eiffel“ de Michel Emer (arrangement: Eric Collard). Dans ces deux pièces, la Musique militaire grand-ducale accompagnait les chœurs, et l'interprétation magnifique des deux ensembles mis en commun nous provoquait une fois de plus des frissons. Pour la dernière pièce, Jean-Claude Braun cédait la place à la directrice du Choeur de l'armée française.

Le public ravi fut gâté par „Les fleurs de Paris“ en bis, toujours sous la direction de la commandante  
 Emily Fleuri. Nadine Becker





Déi offiziell Foto vun der Aweigung mam Grand-Duc, deem ëmginn ass vun Fernand Etgen, Hedva Ser, François Bausch, Lydie Polfer an Alain Duschène (vu riets no lénks). (Foto: Claude Piscitelli © Cour Grand-Ducale)

## Zwou Feiere fir de „Friddensbam“

An der Péitruss steet e gemeinsamt Monument fir d'Fräiwëllegenarmei an d'Militärmusek

**A**ls bleiwend Erënnerung un de 50. Anniversaire vun der Aféierung vun der Fräiwëllegenarmei an un 175 Joer Militärmusek, déi 2017 gefeiert goufen, steet neierdéngs an der Péitruss an der Stad um Wee, dee vun der Place de Metz op d'Foussgänger- a Velosbréck ënnert der Neier Bréck féiert, en Denkmal.

„Arbre de la Paix“ heescht dëst Monument vun deeër virun 71 Joer an Israel gebuerener franséischer Kënschtlerin Hedva Ser, déi Unesco-Botschafterin fir de Fridden a Sonnerbeoptragte fir Kulturdiplomatie ass. Déi zu Tel Aviv (Konschtmusée), Paräis (Académie de la Grande Chaumière) a London (Hornsey College of Art) ausgebildeten Artistin experimentéiert an hiere Skulpturen, Aquarellen, Tapissereien a Bijouen mam Desequilibre a virun allem der Energie. De Friddensbam vu Lëtzebuerg ass net déi éischte Skulptur vun dëser Aart, well se steet schons op 13 aner Plazen an 10 verschidde Länner. An der Tëschenzäit ass déi Skulptur zum Friddensembel vun der Unesco ginn an zum Symbol vun der

Toleranz a vum Fridden iwwert all Grenzen, Kulturen an Reliounen ewech. D'Hedva Ser erklärt hiert Wierk domatter, dass sie sech un de Wonner vun der Natur inspiréiert huet, fir e Friddensbam aus Bronze ze schafen, deem seng Äscht nom Himmel striewen, sou wéi wann se mat Symbolen d'Mënsche méi no zesumme bréngen an de Fridden tëschen de Vëlker erreeche wëllten.

(Fortsetzung Säit 6)







Bei der Aweigung huet d'Militärmusek ënnert der Leedung vum Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun als Première d'Wierk „L'arbre de la Paix“ vum Pierre Sebaouin gespillt. (Fotoën: Emile Noesen)

*(Schluss vun der Säit 5)*

Déi feierlech Aweigung vum Monument war de 6. Oktober 2019 a Presenz vun dem Grand-Duc Henri, dem Chamberpräsident Fernand Etgen, dem Verdeedegungsminister François Bausch, dem General Alain Duschène, der Buergermeeschtesch Lydie Polfer an der Artistin Hedva Ser.



Éier de Grand-Duc d'Aweigung vum Monument virgeholl huet, ass de Minister François Bausch op d'Entwécklung vum Fräiwëllegendéngscht bei der Arméi agaangen, deen am leschten halwe Jorhonnert nët manner wéi 8.600 jonk Leit ofgeleescht hunn, an dat deelweis bei Asätz am Ausland a bei Missiounen, fir de Fridden ze sécheren. Grad esou wéi déi Stater Buergermeeschtesch huet och de Minister vun der Défense de besonnesche Stellegwäert vun der Militärmusek am kulturellen a gesellschaftleche Liewe vu Lëtzebuerg an als Botschafter vum Grand-Duché am Ausland ervirgestrach.

Bei der Aweigung vum „Friddensbam“ huet d'Militärmusek ënnert der Leedung vum Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun iwwerengs d'Orchesterversioun vun deem extra fir dës Geleeënheet vum Pierre Sebaouin komponéierten a vum Cyrille Lehn arrangéierte Museksstéck „Arbre de la Paix - Tree of Peace“, gespillt, deem seng Wieder vum Smaïn Fairouze sinn. Am Text heescht et ënner anerem: “De l'espoir la lumière du monde renaître la paix au vent des caresses... Dans le bronze taillé de promesses surgira la fleur de sagesse.”

Fir komplett ze sinn, sief ernimmt, dass et fir dat neit Monument eigentlech zwou Feiere ginn huet. Fir d'éischt huet nämlech den deemolege Verdeedegungsminister Etienne Schneider den 10. Oktober 2018 - also genau véier Deeg virun de Chamberwahlen - de Grondsteen geluegt, wat souguer fir d'Kënschtlerin Hedva Ser eng Première an hierer laanger Carrière war, an e Joer méi spët koom et zur offizieller Aweigung. (j-lo)





## Galakonzert am 10. November 2019 in der Philharmonie

Premiere von Johan de Meijs Sinfonie Nr. 5 „Return to Middle Earth“



*Gleich zwei Werke des international anerkannten Komponisten, Dirigenten und Solisten Johan de Meij werden aufgeführt*



*Als Solistin wirkt im zweiten Teil die Sopranistin Claudia Moulin-Galli mit.*

Höhepunkt des diesjährigen Programmes der Militärmusik ist zweifellos das am Sonntag, dem 10. November 2019, um 17 Uhr im großen Auditorium der Philharmonie von den „Frënn der Militärmusek“ organisierte Galakonzert.

Dirigent Jean-Claude Braun hat sich für ein Programm entschieden, das ganz im Zeichen des international renommierten niederländischen Komponisten Johan de Meij stehen wird. Außer der grossherzoglichen Militärmusik treten der „Choeur de Chambre de Luxembourg“ (Leitung: Antonio Grosu) und als Solistin die Sopranistin Claudia Moulin-Galli auf.

Neben der vor 30 Jahren als Monumentalwerk komponierten Sinfonie Nr. 1 „The Lord of the Rings“ im ersten Programmteil gelangt nach der Pause die Sinfonie Nr. 5 „Return to Middle Earth“ zur Aufführung. Sie hatte am 3. November 2018 Weltpremiere an der Universität von Valparaiso (Indiana/USA) und wurde am 27. April 2019 in Osaka (Japan) für Asien uraufgeführt.

### **Vorverkauf**

Der einheitliche Eintrittspreis beträgt 30,00 €.  
Die Mitglieder der „Frënn vun der Militärmusek“ können aber Bestellungen zum Vorzugspreis von 25,00 € pro Person durch Überweisung des entsprechenden Betrages auf das Postscheckkonto CCPLLULL LU19 1111 1371 3776 0000 der „Frënn vun der Militärmusek“ tätigen und bekommen die Eintrittskarten per Post zugeschickt bzw werden ihnen diese am Konzertabend in der Philharmonie ausgehändigt.







## Concert am renovierte Gréiweschlass zu Käerch

Am Kader vun den Aweigungsfeierlechkeeten vum renovierte Käercher Gréiweschlass huet d'Lëtzebuerger Militärmusek op Invitatioun vun de Käercher Schlassfrënn an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun vun der Gemeng Käerch sech un dëse Feierlechkeete bedeelegt, dat mat engem Concert ënner der Leedung vum Capitaine Christian Kirpes, e Sonndeg, de 15. September 2019.

Bei wonnerschéinem Summerwieder an engem herrleche Kader, wou Modern an Mëttelalter aussergewöhnlech gutt zesummen harmonéieren, dovun konnt ee sech wierklech iwwerzeegen, hunn Musekerinnen an Museker déi vill Nolauschterer begeeschtert.

Duerch de Programm huet d' Romy Werner gefouert, gekonnt an mat enger excellenter Diction.







(Fotoën: Jeannot Weber)

D' Zesummesetzung vum Programm, fir déi de Capitaine Christian Kirpes responsabel war, war ee gudde Choix, fir Jonk an Aal, also fir jiddereen war eppes derbäi, d 'Resultat vun dëser musikalescher Prestatioun waren dräi Zugaben.

Ganz flott aménagéiert an de renovéierte Schlassmaueren ass d 'Plaz fir esou Manifestatiounen ofzehalen. Akustesches ganz gutt, 240 Sätzplazen, plus 100 Stéiplazen ewéi bei dësem Concert wou "Full House" war, kann een den Organisateuren nëmmen soen

"Chapeau et félicitations" !

(WR)



## Gitt Member bei de « Frënn vun der Militärmusek »

Recommandéiert w.e.g. äere Frënn a Bekannten, fir Member ze ginn

D'Frënn vun der Militärmusek sinn e Genre « Supporterclub »,

- deen e bësse méi speziell Concerten organiséiert,
- Solisten engagéiert,
- CDen oder DVDen produzéiert,
- der Musek déi Equipementer keeft, déi de Staat der Musek net bezillt.

Als Member huet een eng Rei vu Virdeeler :

- besser Präisser bei Concerten, déi vun der Asbl organiséiert ginn,
- d'Organisatioun vun der Rees bei Concerten am Ausland,
- e gratis CD als Cadeau um Joresenn,
- de Bulletin « En avant ... marche! » (Publikatioun 4x pro Joer),
- eng frëndschafleche Ambiance ënner Melomanen.

### Wéi kann ech Member ginn?

Duurch Iwwerweisung vun 25,00 € op de folgende Kont vun den "Amis de la Musique militaire" mat der Mention « Neie Member » :

**CCPLLULL – LU19 1111 1371 3776 0000**

Besicht och eisen Internet-Site [www.fvmm.lu](http://www.fvmm.lu) fir déi läscht Neiegkeeten vun eiser Associatioun a vun der Militärmusek.





## Concert zu Éiren vun der Harmonie Habscht

De 5. Oktober 2019 huet d'Militärmusek am Centre Polyvalent zu Habscht e Concert ginn zu Éiren vun der Harmonie Habscht, déi dës Joer hieren 100. Anniversaire feiert.

De President vum Organisatiounscomité, den Här Guy Hoffmann, huet a senger kuerzer Begréissungried der Militärmusek e grouse Merci ausgeschwat a betount, datt dës Concert en Héichpunkt géif duerstellen am Programm vun de Feierlechkeeten.

Den Harmonieorchester vun der Militärmusek stong ënnert der Leedung vun hirem Chef adjoint, dem Capitaine Christian Kirpes, dee fir dës Geleeënheet dës schéine musikalesche Programm op d'Been gestallt hat:

*Duerch Bësch an Dall (Concert March)*  
 – an Opdrag ginn vun der Habschter Musik fir hiren 100. Gebuertsdag beim Compositeur Yvan Boumans;  
*Dichter und Bauer (Overture)*  
 – Fr. von Suppé;  
*Armenian Dances No 1*  
 – A. Reed;  
*Spring Festival Overture*  
 – Li Huanzhi;  
*Frank Sinatra Hits Medley's*  
 – arr. N. Iwai;  
*Toto's Greatest Hits*  
 – arr. K. Foley  
*Nobody does it better than James Bond*  
 – arr. J. Murschinski  
*Als 1. Bis Gopak vum A. Katchaturian*  
*Als 2. Bis déi lëscht Takt vun Nobody does it better than James Bond.*

Dës Stécker goufen all op eng charmant Art a Weis vun AdjMaj Romy Werner présentéiert. Hat huet och nit vergiess, fir Reklam ze maachen fir den CD-Verkaufsstand vun de Frënn vun der Militärmusek, deen eemol méi vun eisem treien an hëllefsbereete Member, dem Här Lucien Werer, am Fong vum Sall bedriwwen gouf.

Nom Concert gouf, begleet mat de Kläng vun "Happy Birthday" gespillt och vun der Militärmusek, vun de Nowuesmusikante e grouse Gebuertsdagskuch an de Sall gefouert – all uwiesend Leit kruten nom Ausblouse vun de Kärzen e Stéck vun deem gudde Kuch zervéiert.  
 Emile Noesen



(Fotoën: Claude Carelli)



# Vianden und die Luxemburger Militärmusik

## (I)

### Geschichtliches über die Militärkapelle

Der Wiener Kongress von 1815 hatte uns nicht nur um die Gebiete jenseits von Our, Sauer und Mosel, die wir an Preußen abtreten mussten, ärmer gemacht, er hat auch das Prinzip der Schaffung eines eigenen Freiwilligen-Kontingents als Teil der Luxemburger Garnison festgehalten. Durch die Unterzeichnung des Vertrages von Den Haag vom 11. Januar 1842 wurde diese Bestimmung endgültig umgesetzt.

Am 2. Dezember 1842 hielt das 1. Jägerbataillon Einzug in die Garnisonsstadt Echternach und am 1. April 1843, das 2. Jägerbataillon in die Garnisonsstadt Diekirch, in die neugebaute Kaserne, das heutige Lycée Classique.

Am 29. Dezember 1842 wurde Franz-Ferdinand Hoebisch als 1. Kapellmeister des 1. Jägerbataillons ernannt. Das Gründungsdatum der Militärkapelle ist ungewiss und somit wird dieses Ernennungsdatum als Gründungsdatum der Militärkapelle angenommen. Am 31. Dezember 1842 bestand die Kapelle aus einem Kapellmeister und 15 Hornisten d.h. Musikern. Unter ihnen war zwar kein Viandener, jedoch ein gewisser Johann Anton Zinnen, fünfzehnjähriger Student des Diekircher Progymnasiums.

Am 16. August 1847 erfolgte dann die Prüfung der Kandidaten für den Posten des Kapellmeisters des 2. Jägerbataillons.

Der aus Neuerburg stammende zwanzigjährige Johann Anton Zinnen, späterer Komponist der „Heemecht“, wird am 6. Dezember 1847 erster Kapellmeister des 2. Jägerbataillons.

Am 4. Juni 1868 werden die 2 Jägerbataillone zusammengelegt. Die Kapelle besteht nunmehr aus einem Kapellmeister und 28 Hornisten.

Vianden und die Militärkapelle

### Die Goldschmidt Brüder

In der Zeit von 1857 bis 1908 waren nicht weniger als drei der sieben Söhne der Familie Goldschmidt-May bez. Goldschmidt-Eidt Mitglied der Militärkapelle. Jacques-Donat, der ältere der drei Brüder, war wohl der Prominentere. Nicht nur dass er zweiundvierzig Jahre seiner Kapelle die

Treue hielt, er war auch während zwanzig Jahren deren Sous-Chef.

Johann Peter war während vierzig Jahren Hornist und Mitglied des Harmonieorchesters, welches regelmäßig auf Einladung von Prinzessin Amalia auf Schloss Walferdingen aufspielte (s. unten).

Mathias, der jüngste der drei Brüder, war nur fünf Jahre Mitglied der Militärkapelle. Über die Gründe seines frühen Ausscheidens gibt es keine Angaben.

### Der Trompeter vom Eiffelturm

Friedrich gen. Fritz Feyder, eine pittoreske und legendäre Viandener Figur, war während dreißig Jahren Mitglied der Militärkapelle. Er sollte als „Trompeter vom Eiffelturm“ in die Viandener Lokalgeschichte eingehen.

1900 nahm er mit der Militärmusik an den Eröffnungsfeierlichkeiten der Pariser Weltausstellung teil. Der neuerrichtete Eiffelturm, das Wahrzeichen dieser Ausstellung, hatte es ihm angetan, diesen musste er sehen. Nach dem offiziellen Teil machte er sich mit seiner Trompete Richtung Eiffelturm. Oben, in luftiger Höhe, ließ er sich eine Flasche Champagner auftischen. Die Pariser Atmosphäre genießend, merkte er nicht, dass es inzwischen sechs Uhr geworden war und um halb sieben sollte sich die Kapelle bei der „Basilique Sacré-Coeur“ treffen. Sein Problem war, dass er den genauen Namen dieses Treffpunktes vergessen hatte. Dem Taxifahrer, der ihn zum Treffpunkt bringen sollte, konnte er nur zaghafte Angaben machen, die aber nicht zum Ziel führten. Kurzerhand entschloss er sich, zum Eiffelturm zurückzufahren. Auf der oberen Plattform angekommen, setzte er seine Trompete an die Lippen und blies den „Feierwon“. Seine Musikantenkollegen, welche auf dem Weg zur „Basilique Sacré-Coeur“ waren, hörten die vertrauten Klänge. Einer der Viandener Militärmusiker wusste sofort Bescheid. „Dat ass de Feydisch Fritz, däa vuam Eiffeltuor bliist!“ Sie holten dann prompt ihren „Trompeter vom Eiffelturm“ heim zur Kapelle.

(wird fortgesetzt)

\* Jean-Paul Hoffmann ist Präsident der „Veiner Geschichtsfrënn“



# Programme Novembre - Décembre 2019 - Janvier 2020

## Novembre 2019

Date	Heure	Dénomination	Orchestre	Autres	Lieu	Organisateur
10	17.00	Concert à la Philharmonie	Orchestre	Choeurs de Chambre/	Luxembourg Philharmonie	Frënn vun der Militärmusek
15	20.00	Concert	Orchestre	/	Grevenmacher tbc	Fondation Autisme
22	20.00	Concert de bienfaisance	Orchestre	/	Athénée tbc	ONG "CSI"
29	20.00	Gala des Lauréats	Orchestre	/	Op der Schmëlz Diddeleng	Ministère de la Culture

## Décembre 2019

Date	Heure	Dénomination	Orchestre	Autres	Lieu	Organisateur
5	19.00	Concert	/	Ensemble	Luxembourg Deutsche Bank	Grosu
16	19.00	Sv 75 Joër Ardennenoffensive				
15	16.00	Concert/Concours de direction du CVL Pit Dahm	Orchestre	/	Eglise Gare	Animation Gare
20	20.00	Concert/Concours de direction CVL 2 Candidats	/	Ensemble de Prof. du CVL et de la MusMil	CVL	CVL
21 au 29		Congé commun				

## Janvier 2020

Date	Heure	Dénomination	Orchestre	Autres	Lieu	Organisateur
10	20.00	Concert à Mersch	Orchestre	/	Kulturhaus Mersch	Administration communale
11	19.30	Concert de Nouvel An à Lamadelaine	Orchestre	/	Centre culturel	Rotary Club Bascharage/Kordall
12	17.00	Concert de Nouvel An à Steinfort	Orchestre	/	Steinfort Centre Roudemer	Administration communale
18	19	Concert en l'Église de Musson (B)	Orchestre	/	Église de Musson (Belgique)	
29	20.00	Concert Bienfaisance	Orchestre		Conservatoire de la Ville de Luxembourg	VDL, Armée, FvMM

## Den aktuelle Programm um Internet-Site kucken!

Aus zäitlech-organisatoresche Grënn ass et schwéier, fir am Bulletin "En avant ...marche!", deen all puer Méint erauskënnt, en aktuelle Programm vun den Optrëttler vun der Militärmusek ze publizéieren.

Dofir recommandéiere mir eise Memberen, op den **Internet-Site [www.fvmm.lu](http://www.fvmm.lu)**, dee nei opgemat a regelméisseg aktualiséiert gëtt, kucken ze goën, wat genau um Programm vun de nächste Wochen a Méint steet a wou een Entréesbilljeeën reservéiere kann.